N°2107
Entrée le 18.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

Starlink ass ee Satellitesystem, dat zënter dem Ufank vun der russescher Invasioun fir d'Verdeedegung vun der Ukrain genotzt gëtt an dem Land gehollef huet, fir net digital komplett ofzebriechen. Den Elon Musk, Besëtzer vu Starlink, huet rezent ugedeit, dass ouni de Starlink d'Verdeedegung vun der Ukrain géif zesummebriechen an domadder méi oder manner direkt dem Land gedrooht, fir de Starlink ofzeschalten.

An der Äntwert op meng virëg parlamentaresch Fro n°2061 hat d'Ministesch geschriwwen, dass Lëtzebuerg als Co-Leader vun der IT Coalition amgaangen ass *"mat Estland an der Ukraine z'analyséieren, wéi an dësem Kader Satellittekommunikatiounskapazitéite genotzt kënne gi fir d'Ukrain z'ënnerstëtzen."*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Wéi een Datum wëll d'Regierung sech ginn, bis déi éischt Satellitekommunimatiounskapazitéiten fir d'Sécherheet vun der Ukrain kënne genotzt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten